

Déi aktiv jonk Baueren an de Fokus vun eiser Politik!

Agrarpolitesch Stellungnahm 2013

Virgedroe vum Fränz Schlechter,
Vize-President vun de Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer

Léif Éiregäscht,

Dir Dammen an Dir Hären,

Déi grouss Linne vun der EU-Agrarpolitik sinn decidéiert. An dëser Reform gouf méi ewéi eemol gesot, datt déi jonk an aktiv Baueren ënnerstëtzt musse ginn. Mir si frou, datt eisen zoustänneg Minister sech déi lescht Joren zu Bréissel fir äis agesat huet a verschidden Iddien vun de *Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer* mat an d'Diskussiounen afléisse gelooss huet. Mir denken hei speziell un den *Top Up payment* fir jonk Baueren an un d'Unerkennung vun de Leguminosen am *Greening*. An deenen nächste Méint geet et elo nach drëm, fir d'Agrargesetz och hei zu Lëtzebuerg esou auszeleeën, datt d'Landwirtschaft - a virun allem déi jonk Baueren - gestärkt ginn.

Neit Agrargesetz

Mir brauchen den Owend net op all d'Punkten an d'Fuerderungen zum neien Agrargesetz zrëckzekommen. Eis Gewerkschaften an och eis Landwirtschaftskammer leeschten eng gutt Aarbecht – an dat am Sënn vun de Betriber. Zweek Punkte leien äis awer um Häerz, déi mir hei kuerz ernimme wëllen:

- Mir géifen et begréissen, wa sech méi ewéi ee Jonken op engem Betrib installéieren a vun der Installéierungsprime profitéiere kënn. D'Betriber wuessen, an oft ass et grad op de gutt strukturéierte Betriber, wou zwee jonk Baueren zesumme schaffe wëllen. Mir wëssen, datt - laut Bréisseler Text - eng Limite pro Betrib festgesat ass. Mir fuerderen awer, datt Lëtzebuerg sech staark mécht, fir eng Ännerung erbäizeféieren - dat am Sënn, datt déi Limite op de Betribsleeder festgeluecht gëtt.
- Doniewent erlabe mir äis, fir weiderhin ze fuerderen, datt den zukünftegen Taux vun den Investitiounsbäihëllefen op d'Maschinen an op d'Gebaier 20% méi héich fir jonk Bauere soll sinn, wéi fir Anerer. Dëst ass esou vu Bréissel genehmegt an dee gesamte Spillraum soll hei zu Lëtzebuerg ausgenotzt ginn, wéi dat iwwregens och an de Wahlprogrammer vu verschiddene Parteie stoung.

Mir sollen äis awer net eleng op dat Agrargesetz beschränken, mee och aner Mesuren hei am Land ugoen, fir déi jonk Baueren indirekt ze ënnerstëtzen.

Den aktive Bauer ënnerstëtzen an de Generatiounswiessel viru bréngen

Mir ginn net midd, fir dorop hinzewiesen, datt den aktive Bauer vun der Politik ënnerstëtzt an optimal Rahmebedingungen fir hie geschaf musse ginn. Et ass jiddwereen, ob Minister, Deputéierten oder landwirtschaftlech Gewerkschaft mat dëser Ausso d'Accord! An awer gëtt net dat Néidegt gemaach! Et entstinn Definitioune vum aktive Bauer, déi esou breet gefächert sinn, dass jiddwereen se ëmgoe kann.

Fir wierklich dee jonken an aktive Bauer ze ënnerstëtzen, si mir der Meenung, datt all Primerechter vun de Baueren, déi mam Betrib ophalen, un de Staat zrëckgoen an un déi jonk Bauere verdeelt solle ginn. An dat Ganzt ouni Entschiedegung fir deen, deen ophält! En huet dëst Primerecht jo och zum Nulltarif ausgedeeelt kritt! Hei mussen eis Politiker sech staark maachen, datt an enger nächster Agrarreform keen handelbart Recht a Punkto Bähëllef méi geschaf gëtt. Dat féiert dozou, datt d'Baueren vill Käschten an Ausgaben hunn, fir iwwehapt an de Genoss vun de Primë kënnen ze kommen! Fir dëser Situatioun entgéintzewierken, mussen an Zukunft nach vill méi Mesuren exklusiv fir de jonke Bauer zur Verfügung gestallt ginn. Den *Top up* aus der éischer Sail ass e begréissenswäerten Ufank: Hei kréie nëmme jonk Bauere gehollef, fir hire Betrib zukunftsorientéiert opzebauen - ouni, datt dëst Recht kaf muss ginn.

Mir stellen äis d'Fro, firwat e pensionéierte Bauer, dee méi al wéi 65 Joer ass, all Bähëllef kasséiere kann? Mir hu kee Problem domat, wann een a senger Pensioun nach gäre Bauer wëll sinn, mee en dierf dobäi net méi finanziell ënnerstëtzt ginn. Mir mussen dréngend eng Hofabgabeklausel aféieren, déi entweder d'Rente kierzt oder all finanziell Bähëllef sträicht, wann de Bauer viru schafft. Dëst géif de Generatiounswiessel förderen an dem landwirtschaftleche Sektor vill bréngen: De jonke Bauer ass méi innovativ, bréngt de Sektor virun an ass och oft méi effizient, wéi deen eelere Bauer.

Wou bleift de Courage, fir déi néideg Mesuren ze ergräifen, déi méi wäit ginn a dem aktive jonke Bauer wierklech zegutt kommen. Natierlech kann et sinn, datt de Pensionéierten, den Hobbybauer oder de Verpiechter vu Flächen en Nodeel bei dëse Mesuren huet.

E konkret Beispill ass de roude Mazout: Firwat muss de pensionéierte Bauer nach de roude Mazout kréien? Säu Business - mir schwätzen jo haut gäre vum Bauer als *Businessman* - ass ofgeschloss an domat brauch hien och keng Vergëschtegung méi um Mazout! Déi Sue kéinte mir äis spueren an se de jonke Baueren zur Verfügung stellen.

E leschte Punkt, dee mir an dësem Kontext kritiséieren, ass de System vun de Wahle vun eiser Landwirtschaftskammer. Hei decidéiere Pensionären, wien d'Landwirtschaft vertritt. Vun de 6.069 Wieler sinn 58 % pensionéiert. Dat kann net am Interêt vum aktive Bauer sinn. Fir äis ass et ganz kloer, datt bei den

nächste Wahlen ee Représentant vun de Pensionären gewielt soll ginn, deen sech fir hir Interêten asetzt. Déi aner 18 sollen awer nëmme vun den Aktive gewielt kënnen ginn. Dee System fënnt een elo scho bei de Wahle fir d'Chambre des salariés.

Aarbechtskräften an der Landwirtschaft

Op lëtzebuenger Betriber besteet d'Tendenz, fir lues a lues méi Aarbechter anzustellen, well d'Betriber wuessen an d'Aarbecht net méi mat Familljemembere gemeeschtert ka ginn.

Mir hunn hei am Land de Problem, datt de Mindestloun esou héich ass, datt d'Rentabilitéit vum Aarbechter net garantéiert ass an datt eng Ustellung e risegen a riskante Schrëtt fir de Betrib ass. Et ass bekannt, datt et schwierig ass, fir e lëtzebuenger Aarbechter ze fannen, dee gewëllt ass, fir an der Landwirtschaft ze schaffen - an net direkt eng Plaz am öffentlechen Déngscht sicht. Mi hunn awer vill jonk Aarbechtsloser, déi konstruktiv an d'Landwirtschaft agebonne kënnen ginn.

Dësem Problem ka bei der Ausbildung entgéint gewierkt ginn: D'Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer fuerderen, datt de landwirtschaftlechen Aarbechter an der Schoul ausgebild gëtt, an dat an engem duale System, wéi en an Däitschland zënter Joren erfollegräich an der Ausbildung vum Léierbouf ugewannt gëtt; dat mat engem Dag Schoul a véier Deeg praktesch Aarbecht op engem landwirtschaftleche Betrib.

Op dësem Wee ass de Bauer zwar als Ausbilder gefuerdert, mee kritt awer eng - a sengem Sënn - ausgebildete Ganzdagshëllef. De Betribsleeder ass och éischer interesséiert, fir säi Léierbouf anzustellen, wann en sech bewäert huet an d'Rentabilitéit garantéiert ass. Dësweideren maachen mir de Jonken, déi un der Landwirtschaft interesséiert sinn, eng nei Dir op, fir sech ze integréieren a schafen domat Aarbechtsplazen.

Vereinfachung vun de Genehmigungsprozeduren

D'Genehmigungsprozeduren fir nei Ställ sinn nach wie vor komplizéiert a laangwierig. Dacks weess de Bauer net, wat e vum System vun eise Verwaltungen hale soll.

Et gëtt éischtens zevill verschidden Instanzen, bei deenen een eng Genehmigung ufroe muss. Mir fuerderen hei e *Guichet unique*, wou een säi Plang nëmme eng Kéier am Ministär areeche muss an do och nëmme een USPriechpartner huet. Hei soll een och zu all Moment eng Äntwert drop kënnen kréien, wou säin Dossier drun ass. Am Moment verstëbsen dës Dossierer iwwer Méint an de Verwaltungen: D'Waasserwirtschaftsamt ass heiranner Spezialist: D'Zäitspan fir eng Genehmigung ze kréien, ass inakzeptabel!

Zweetens ass déi gängeg Prozedur fir en Aussestehenden zimlech onduerchsichteg. Firwat kritt de Bauer net automatesch e Rapport vun der Kommissioun, déi iwwert säi Projet decidéiert? Firwat kann en net direkt an den Decisionsprozess agebonne ginn? Hei kënn hie säi Projet virstellen an d'Geleeënheet géif sech bidden,

fir verbindlech festzehalen, bei welchen Ännerungen de Projet genehmegt géif ginn. Duerch den direkten Dialog kënnnte vill Zäit a Käschte gespuert ginn.

Drëttens muss een sech heiansdo froen, ob eis Ministèren drun interesséiert sinn, fir eng zukunftsorientéiert an nohalteg Landwirtschaft ze promovéieren oder ob et just ëm d'Landschaftsbild an den Ëmweltschutz geet. Innovativ, funktionell a wirtschaftlech Gebaier ginn zugonschte vum Landschaftsbild oder wéint iergendwellechen Schutzzonen net zougelooss. Mir wëllen dat mat zwee Beispiller ënnersträichen:

- E jonke Bauer wëll en neie Stall do bauen, wou e vill Land beieneen huet, fir seng Béischten an Zukunft op d'Weed ze loossen an all Transportweeër esou wäit ewéi méiglech ze reduzéieren. E kritt awer keng Genehmegung wéint engem Vull, deen an deem Gebitt leeft, a muss de Stall e puer Kilometer méi wäit bauen. Elo muss d'Fudder an d'Gülle wäit iwwer d'Strooss gefouert ginn, wat déi ökonomesch Rentabilitéit aschränkt an d'CO₂- Emissionen net verbessert. Ass dat am Sënn vun enger nohalteger Landwirtschaft?
- Bei engem anere Beispill geet et ëm d'Beplanzung bei engem neie Projet: Wéivill Hecken a Beem dee Concernéierten uplanze muss, gëtt ënnerschiddlech gehandhaabt. Et huet een d'Gefill, datt dëst vun der Laun vun de Beamten ofhänkt. An engem konkrete Fall vun zwee Baueren, déi e ganz ähnleche Projet realiséiere wollten, huet deen éischte Bauer 250 m Hecken an 20 Beem missen uplanzen; beim Zweete waren et 450 m Hecken a 40 Beem!?! Dat däerf net sinn! Et muss méi verständlech ginn, firwat et verschidden Handhabungen gëtt!!!

De Projet, fir e Stall ze bauen, ass fir e jonke Bauer, ee vun deene wichtigste Schrëtt a sengem Berufsliewen. Hien investéiert vill Suen, fir seng Existenz ze sëcheren – fir säi Betrib a fir seng Famill. Dëst sollt an engem Land mat politescher Stabilitéit méiglech sinn, ouni esou vill Steng an d'Féiss geluecht ze kréien, wéi dat am Moment de Fall ass. Mir hoffen, datt eis nei Regierung hei esou handelt, datt et fir jonk Leit méi einfach gëtt, hir Betriber opzebauen.

Landwirtschaftlech Schutzzonen

Während de Wahle gouf dacks vun den héije Präisser vun de Bauplazen geschwat - mee et ass um Maart fir Akerland a Wisen ähnlech dramatesch. Promoteuren, Entrepreneuren, Geschäftsleit oder esouguer privat Leit maachen d'Präisser futti. Sief et fir ze spekuléieren, ze tauschen oder als Ausgleichsfläch. Mir begréissen, datt virun de Wahle vun 2 Ministeren déi sougenannten „Zone agricole protégée“ virgestallt gouf. Dësen Dossier dierf elo net an den Archiven verschwannen, mee muss vun der neier Regierung direkt ëmgemat ginn. An dëser Zone muss net nëmme déi landwirtschaftlech Produktioun geséichert sinn, mee d'Bauere mussen e Virkaafsrecht op de Flächen hunn. Mir fuerderen, Ureizer ze schafen, d'Land an dëser Zone u Baueren ze verkafen, wéi zum Beispill eng Steuerbefreiung, wann een un e Bauer verkeeft. An eisen Nopeschlänner gëtt

et elo scho Systemer, wéi d'Virkaafsrecht fir de Piechter an der Belsch, respektiv de SAFER am Frankräich, deen dem jonke Bauer oft den Accès op d'Land verbessert.

Nitratdirektiv

Ee leschte Punkt, op dee mir haut den Owend aus aktuellen Uläss hiweisen, ass d'Sperrfrist vun der Gülleausbréngung, déi e Samschdeg (16.11) ugefaangen huet. Vill Zetäre si wéint de Wiederkonditiounen nach voll a mir kréie reell Problemer, fir iwwer de Wanter ze kommen. Mir hoffen op de Versteesdemech an de Wëlle vun de politische Instanzen, fir bei esou Konditiounen eng Ausnahmeregelung virzegesinn.

Léif Leit,

Mir sinn iwwerzeecht, datt mir lech an – eventuell - der neier Regierung haut den Owend mat eisen Iwwerleeungen a Fuerderungen e puer Denkestéiss ginn hunn, fir verschidde Problemer an Erausforderungen an der Landwirtschaft an Zukunft ze léisen.

Am Numm vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer soen ech lech Merci!

Déi aktiv jonk Baueren an de Fokus vun eiser Politik!

Agrarpolitesch Stellungnahm 2013

Virgedroe vum Fränz Schlechter,
Vize-President vun de Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer

Léif Éiregäscht,

Dir Dammen an Dir Hären,

Déi grouss Linne vun der EU-Agrarpolitik sinn decidéiert. An dëser Reform gouf méi ewéi eemol gesot, datt déi jonk an aktiv Baueren ënnerstëtzt musse ginn. Mir si frou, datt eisen zoustännege Minister sech déi lescht Joren zu Bréissel fir äis agesat huet a verschidden Iddien vun de *Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer* mat an d'Diskussiounen afléisse gelooss huet. Mir denken hei speziell un den *Top Up payment* fir jonk Baueren an un d'Unerkennung vun de Leguminosen am *Greening*. An deenen nächste Méint geet et elo nach drëm, fir d'Agrargesetz och hei zu Lëtzebuerg esou auszeleeën, datt d'Landwirtschaft - a virun allem déi jonk Baueren - gestärkt ginn.

Neit Agrargesetz

Mir brauchen den Owend net op all d'Punkten an d'Fuerderungen zum neien Agrargesetz zrëckzekommen. Eis Gewerkschaften an och eis Landwirtschaftskammer leeschten eng gutt Aarbecht – an dat am Sënn vun de Betriber. Zweek Punkte leien äis awer um Häerz, déi mir hei kuerz ernimme wëllen:

- Mir géifen et begréissen, wa sech méi ewéi ee Jonken op engem Betrib installéieren a vun der Installéierungsprime profitéiere kënn. D'Betriber wuessen, an oft ass et grad op de gutt strukturéierte Betriber, wou zwee jonk Baueren zesumme schaffe wëllen. Mir wëssen, datt - laut Bréisseler Text - eng Limite pro Betrib festgesat ass. Mir fuerderen awer, datt Lëtzebuerg sech staark mécht, fir eng Ännerung erbäizeféieren - dat am Sënn, datt déi Limite op de Betribsleeder festgeluecht gëtt.
- Doniewent erlabe mir äis, fir weiderhin ze fuerderen, datt den zukünftegen Taux vun den Investitiounsbäihëllefen op d'Maschinen an op d'Gebaier 20% méi héich fir jonk Bauere soll sinn, wéi fir Anerer. Dëst ass esou vu Bréissel genehmegt an dee gesamte Spillraum soll hei zu Lëtzebuerg ausgenotzt ginn, wéi dat iwwregens och an de Wahlprogrammer vu verschiddene Parteie stoung.

Mir sollen äis awer net eleng op dat Agrargesetz beschränken, mee och aner Mesuren hei am Land ugoen, fir déi jonk Baueren indirekt ze ënnerstëtzen.

Den aktive Bauer ënnerstëtzen an de Generatiounswiessel viru bréngen

Mir ginn net midd, fir dorop hinzewiesen, datt den aktive Bauer vun der Politik ënnerstëtzt an optimal Rahmebedingungen fir hie geschaf musse ginn. Et ass jiddwereen, ob Minister, Deputéierten oder landwirtschaftlech Gewerkschaft mat dëser Ausso d'Accord! An awer gëtt net dat Néidegt gemaach! Et entstinn Definitioune vum aktive Bauer, déi esou breet gefächert sinn, dass jiddwereen se ëmgoe kann.

Fir wierklich dee jonken an aktive Bauer ze ënnerstëtzen, si mir der Meenung, datt all Primerechter vun de Baueren, déi mam Betrib ophalen, un de Staat zrëckgoen an un déi jonk Bauere verdeelt solle ginn. An dat Ganzt ouni Entschiedegung fir deen, deen ophält! En huet dëst Primerecht jo och zum Nulltarif ausgedeelt kritt! Hei mussen eis Politiker sech staark maachen, datt an enger nächster Agrarreform keen handelbart Recht a Punkto Bähëllef méi geschaf gëtt. Dat féiert dozou, datt d'Baueren vill Käschten an Ausgaben hunn, fir iwwehapt an de Genoss vun de Primë kënnen ze kommen! Fir dëser Situatioun entgéintzewierken, mussen an Zukunft nach vill méi Mesuren exklusiv fir de jonke Bauer zur Verfügung gestallt ginn. Den *Top up* aus der éischer Sail ass e begréissenswäerten Ufank: Hei kréie nëmme jonk Bauere gehollef, fir hire Betrib zukunftsorientéiert opzebauen - ouni, datt dëst Recht kaf muss ginn.

Mir stellen äis d'Fro, firwat e pensionéierte Bauer, dee méi al wéi 65 Joer ass, all Bähëllef kasséiere kann? Mir hu kee Problem domat, wann een a senger Pensioun nach gäre Bauer wëll sinn, mee en dierf dobäi net méi finanziell ënnerstëtzt ginn. Mir mussen dréngend eng Hofabgabeklausel aféieren, déi entweder d'Rente kierzt oder all finanziell Bähëllef sträicht, wann de Bauer viru schafft. Dëst géif de Generatiounswiessel förderen an dem landwirtschaftleche Sektor vill bréngen: De jonke Bauer ass méi innovativ, bréngt de Sektor virun an ass och oft méi effizient, wéi deen eelere Bauer.

Wou bleift de Courage, fir déi néideg Mesuren ze ergräifen, déi méi wäit ginn a dem aktive jonke Bauer wierklech zegutt kommen. Natierlech kann et sinn, datt de Pensionéierten, den Hobbybauer oder de Verpiechter vu Flächen en Nodeel bei dëse Mesuren huet.

E konkret Beispill ass de roude Mazout: Firwat muss de pensionéierte Bauer nach de roude Mazout kréien? Säi Business - mir schwätzen jo haut gäre vum Bauer als *Businessman* - ass ofgeschloss an domat brauch hien och keng Vergëschtegunge méi um Mazout! Déi Sue kéinte mir äis spueren an se de jonke Baueren zur Verfügung stellen.

E leschte Punkt, dee mir an dësem Kontext kritiséieren, ass de System vun de Wahle vun eiser Landwirtschaftskammer. Hei decidéiere Pensionären, wien d'Landwirtschaft vertritt. Vun de 6.069 Wieler sinn 58 % pensionéiert. Dat kann net am Interêt vum aktive Bauer sinn. Fir äis ass et ganz kloer, datt bei den

nächste Wahlen ee Représentant vun de Pensionären gewielt soll ginn, deen sech fir hir Interêten asetzt. Déi aner 18 sollen awer nëmme vun den Aktive gewielt kënnen ginn. Dee System fënnt een elo scho bei de Wahle fir d'Chambre des salariés.

Aarbechtskräften an der Landwirtschaft

Op lëtzebuenger Betriber besteet d'Tendenz, fir lues a lues méi Aarbechter anzustellen, well d'Betriber wuessen an d'Aarbecht net méi mat Familljemembere gemeeschtert ka ginn.

Mir hunn hei am Land de Problem, datt de Mindestloun esou héich ass, datt d'Rentabilitéit vum Aarbechter net garantéiert ass an datt eng Ustellung e risegen a riskante Schrëtt fir de Betrib ass. Et ass bekannt, datt et schwierig ass, fir e lëtzebuenger Aarbechter ze fannen, dee gewëllt ass, fir an der Landwirtschaft ze schaffen - an net direkt eng Plaz am öffentlechen Déngscht sicht. Mi hunn awer vill jonk Aarbechtsloser, déi konstruktiv an d'Landwirtschaft agebonne kënnen ginn.

Dësem Problem ka bei der Ausbildung entgéint gewierkt ginn: D'Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer fuerderen, datt de landwirtschaftlechen Aarbechter an der Schoul ausgebild gëtt, an dat an engem duale System, wéi en an Däitschland zënter Joren erfollegräich an der Ausbildung vum Léierbouf ugewannt gëtt; dat mat engem Dag Schoul a véier Deeg praktesch Aarbecht op engem landwirtschaftleche Betrib.

Op dësem Wee ass de Bauer zwar als Ausbilder gefuerdert, mee kritt awer eng - a sengem Sënn - ausgebildete Ganzdagshëllef. De Betribsleeder ass och éischer interesséiert, fir säi Léierbouf anzustellen, wann en sech bewäert huet an d'Rentabilitéit garantéiert ass. Dësweideren maachen mir de Jonken, déi un der Landwirtschaft interesséiert sinn, eng nei Dir op, fir sech ze integréieren a schafen domat Aarbechtsplazen.

Vereinfachung vun de Genehmigungsprozeduren

D'Genehmigungsprozeduren fir nei Ställ sinn nach wie vor komplizéiert a laangwierig. Dacks weess de Bauer net, wat e vum System vun eise Verwaltungen hale soll.

Et gëtt éischtens zevill verschidden Instanzen, bei deenen een eng Genehmigung ufroe muss. Mir fuerderen hei e *Guichet unique*, wou een säi Plang nëmme eng Kéier am Ministär areeche muss an do och nëmme een USPriechpartner huet. Hei soll een och zu all Moment eng Äntwert drop kënnen kréien, wou säin Dossier drun ass. Am Moment verstëbsen dës Dossierer iwwer Méint an de Verwaltungen: D'Waasserwirtschaftsamt ass heiranner Spezialist: D'Zäitspan fir eng Genehmigung ze kréien, ass inakzeptabel!

Zweetens ass déi gängeg Prozedur fir en Aussestehenden zimlech onduerchsichteg. Firwat kritt de Bauer net automatesch e Rapport vun der Kommissioun, déi iwwert säi Projet decidéiert? Firwat kann en net direkt an den Decisionsprozess agebonne ginn? Hei kënn hie säi Projet virstellen an d'Geleeënheet géif sech bidden,

fir verbindlech festzehalen, bei welchen Ännerungen de Projet genehmegt géif ginn. Duerch den direkten Dialog kënnnte vill Zäit a Käschte gespuert ginn.

Drëttens muss een sech heiansdo froen, ob eis Ministèren drun interesséiert sinn, fir eng zukunftsorientéiert an nohalteg Landwirtschaft ze promovéieren oder ob et just ëm d'Landschaftsbild an den Ëmweltschutz geet. Innovativ, funktionell a wirtschaftlech Gebaier ginn zugonschte vum Landschaftsbild oder wéint iergendwellechen Schutzzonen net zougelooss. Mir wëllen dat mat zwee Beispiller ënnersträichen:

- E jonke Bauer wëll en neie Stall do bauen, wou e vill Land beieneen huet, fir seng Béischten an Zukunft op d'Weed ze loossen an all Transportweeër esou wäit ewéi méiglech ze reduzéieren. E kritt awer keng Genehmigung wéint engem Vull, deen an deem Gebitt lieft, a muss de Stall e puer Kilometer méi wäit bauen. Elo muss d'Fudder an d'Gülle wäit iwwer d'Strooss gefouert ginn, wat déi ökonomesch Rentabilitéit aschränkt an d'CO₂- Emissionen net verbessert. Ass dat am Sënn vun enger nohalteger Landwirtschaft?
- Bei engem anere Beispill geet et ëm d'Beplanzung bei engem neie Projet: Wéivill Hecken a Beem dee Concernéierten uplanze muss, gëtt ënnerschiddlech gehandhaabt. Et huet een d'Gefill, datt dëst vun der Laun vun de Beamten ofhänkt. An engem konkrete Fall vun zwee Baueren, déi e ganz ähnleche Projet realiséiere wollten, huet deen éischte Bauer 250 m Hecken an 20 Beem missen uplanzen; beim Zweete waren et 450 m Hecken a 40 Beem!?! Dat däerf net sinn! Et muss méi verständlech ginn, firwat et verschidden Handhabungen gëtt!!!

De Projet, fir e Stall ze bauen, ass fir e jonke Bauer, ee vun deene wichtigste Schrëtt a sengem Berufsliewen. Hien investéiert vill Suen, fir seng Existenz ze sëcheren – fir säi Betrib a fir seng Famill. Dëst sollt an engem Land mat politescher Stabilitéit méiglech sinn, ouni esou vill Steng an d'Féiss geluecht ze kréien, wéi dat am Moment de Fall ass. Mir hoffen, datt eis nei Regierung hei esou handelt, datt et fir jonk Leit méi einfach gëtt, hir Betriber opzebauen.

Landwirtschaftlech Schutzzonen

Während de Wahle gouf dacks vun den héije Präisser vun de Bauplazen geschwat - mee et ass um Maart fir Akerland a Wisen ähnlech dramatesch. Promoteuren, Entrepreneuren, Geschäftsleit oder esouguer privat Leit maachen d'Präisser futti. Sief et fir ze spekuléieren, ze tauschen oder als Ausgleichsfläch. Mir begréissen, datt virun de Wahle vun 2 Ministeren déi sougenannten „Zone agricole protégée“ virgestallt gouf. Dësen Dossier dierf elo net an den Archiven verschwannen, mee muss vun der neier Regierung direkt ëmgemat ginn. An dëser Zone muss net nëmmen déi landwirtschaftlech Produktioun geséichert sinn, mee d'Bauere mussen e Virkaafsrecht op de Flächen hunn. Mir fuerderen, Ureizer ze schafen, d'Land an dëser Zone u Baueren ze verkafen, wéi zum Beispill eng Steuerbefreiung, wann een un e Bauer verkeeft. An eisen Nopeschlänner gëtt

et elo scho Systemer, wéi d'Virkaafsrecht fir de Piechter an der Belsch, respektiv de SAFER am Frankräich, deen dem jonke Bauer oft den Accès op d'Land verbessert.

Nitratdirektiv

Ee leschte Punkt, op dee mir haut den Owend aus aktuellen Uläss hiweisen, ass d'Sperrfrist vun der Gülleausbréngung, déi e Samschdeg (16.11) ugefaangen huet. Vill Zetäre si wéint de Wiederkonditiounen nach voll a mir kréie reell Problemer, fir iwwer de Wanter ze kommen. Mir hoffen op de Versteesdemech an de Wëlle vun de politische Instanzen, fir bei esou Konditiounen eng Ausnahmeregelung virzegesinn.

Léif Leit,

Mir sinn iwwerzeecht, datt mir lech an – eventuell - der neier Regierung haut den Owend mat eisen Iwwerleeungen a Fuerderungen e puer Denkestéiss ginn hunn, fir verschidde Problemer an Erausforderungen an der Landwirtschaft an Zukunft ze léisen.

Am Numm vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer soen ech lech Merci!